Bettenduerf, de 16. Januar 2025

Administration communale

1, rue Neuve
L-9353 Bettendorf

Vakanzenjob 2025

D'Gemeng Bettenduerf sicht fir dës Summervakanz Schüler/Schülerinnen oder Studenten, ab 15 Joer, fir a verschiddene Servicer vun der Gemeng matzeschaffen.

Déi jonk Leit, déi interesséiert sinn, kënne bis den **1.März 2025**, eng schréftlech Demande mat engem CV an **engem rezente Certificat de scolarité** un de Schäfferot adresséiert, erareechen.

D'Schüler / d'Studente ginn engagéiert fir follgend Zäiten a **just fir eng ganz Period**:

- Period A : **vum 21. Juli 2025 bis den 15.August 2025**

  Fir dës Period siche mir Ënnerstëtzung an der Administratioun, am Service Régie, am Service Bâtiments an am Service Restauration.

- Period B: **vum 18. August 2025 bis den 12.September 2025**

  Fir dës Period siche mer Ënnerstëtzung am Service Régie, am Service Bâtiments an am Service Restauration.

Gidd dofir w.e.g. an Ärer Demande souwuel Är Preferenz betreffend d'Period an awer och d'Aarbechtsplaz un.

Fir weider Froe, sti mir Iech ënnert der Nummer 281254–205 oder per Mail un lynn.ruppert@bettendorf.lu, zur Verfügung.

Am Viraus soe mir Iech Merci fir Ären Interessi.

De Schäfferot,

Patrick Mergen, Buergermeeschter
Andy Derneden, Schäffen
Lucien Kurtisi, Schäffen

Descriptif vun den Tâchen:

Administratioun:

- Digitalisatioun vun eisen Dokumenter
- Klasséieren, archivéieren
- Traitéieren, verdeelen an eventuell präparéiere vu verschiddene Courrieren

Kichen:

- Spullen
- Kiche botzen
- Geméis schneiden
- De Käch beim Verdeele vun de Menüen hëllefen
- Präparatioun vu klenge Platen

Service Régie:

- Kieren
- Poubellen eidel maachen
- Onkraut rappen
- Plantatiounen netzen

Service Bâtiments:

- Kleng Aarbechten an de Gemengegebaier (Hëllef bei klenge Reparaturen, botzen, Op-an Ofriichte vu Manifestatiounen)

Dës Tâche kënnen no Bedarf vun den eenzelne Servicer variéieren an ugepasst ginn.